



Lëtzebuerg, den 20ten Oktober 2021

## Communiqué

Aktuell leien an der Chamber véier (4) Verfassungsännerungsvirchléi vir. Well d'Piraten fannen, datt de Bierger gefrot soll ginn wann et ëm eng Reform oder eng Revisioun vum wichtigste Gesetz geet, dat mir hei am Land hunn, huet d'Parteileedung an hirer Sëtzung vum 6. Oktober 2021 decidéiert, bei all hire Memberen eng Urwal zu dëser Fro ze organiséieren.

Dat ass elo geschitt: d'Memberen sinn ugeschriwwen ginn a konnten per Bréifwal, anonym, ofstëmmen. Si haten eng Woch Zäit dofir. Wëll mir a Präsenz vu gläich véier (4) Verfassungsännerungsvirchléi sinn, konnten si sech och véiermol prononcéieren an dat hunn dann och eng ganz Rei vun hinne gemaach:

- Bei der Proposition 7575, déi sech mat der Justiz zu Lëtzebuerg befaasst, sinn 76,6% vun de Memberen fir dëse Verfassungsännerungsvirschlag, 12,8% sinn dogéint an 10,6% hu sech enthalen.
- Bei der Proposition 7700, déi sech mat der Organisatioun vum Staat befaasst, sinn 78,7% vun de Memberen fir dëse Verfassungsännerungsvirschlag, 14,9% sinn dogéint a 6,4% hu sech enthalen.
- Bei der Proposition 7755, déi sech mat de Rechter a Flichte vun de Bierger befaasst, sinn 76,6% vun de Memberen fir dëse Verfassungsännerungsvirschlag, 19,1% sinn dogéint a 4,3% hu sech enthalen.
- Bei der Proposition 7777, déi sech mat der Deputéiertechamber a mam Conseil d'Etat befaasst, sinn 80,8% vun de Memberen fir dëse Verfassungsännerungsvirschlag, 14,9% sinn dogéint a 4,3% hu sech enthalen.

Global gesinn, iwwert déi véier (4) Ännerungsvirchléi gekuckt, hunn 78,2% vun de Memberen vun der Piratepartei fir dës Verfassungsännerungsvirchléi gestëmmt, 15,4% dogéint a 6,4% hu sech enthalen.

D'Piraten soen hire Membere Merci, datt si bei dëser Urwal matgemaach hunn a si esou eendeiteg fir déi betraffe Verfassungsännerungsvirchléi gestëmmt hunn. Well d'Sensibilitéit vun de Piraten ganz kloer fir e Referendum ass, hunn déi zwee Deputéiert Sven Clement a Marc Goergen d'Plattform Matbestimmung.lu an d'Liewe geruff.